N°4469
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Bundesrepublik Däitschland mécht zënter September 2024 Kontrollen un hire Bannegrenzen. Dës Kontrolle goufe schonn e puermol verlängert a si momentan op d'mannst bis de 15. September 2026 a Kraaft. D'Lëtzebuerger Regierung huet zu Recht ëmmer erëm den disproportionéierte Charakter vun dëse Kontrollen an hir Net-Konformitéit mam Schengener Grenzkodex ugeprangert, an huet och e puer schrëftlech Protester un d'Europäesch Kommissioun adresséiert.

Den 2. Juni 2026 huet d'Europäesch Kommissioun endlech hir Stellungnam ofginn, op Basis vum Artikel 27bis, Paragraf 3, vum Schengener Grenzkodex, iwwer d'Noutwennegkeet an d'Proportionalitéit vun den däitsche Kontrollen. Si huet doranner ënner anerem festgehalen, datt formell Ufuerderungen net agehale goufen an datt keng ausräichend beluechte Risikobewäertunge virgeluecht goufen. Verschidden däitsch Verwaltungsgeriichter — ënner anerem de Bayresche Verwaltungsgeriichtshaff an d'Verwaltungsgeriicht vu Koblenz Enn Abrëll 2026 — hunn ausserdeem dës Kontrollen als net konform mam EU-Recht agestuuft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Demarchen huet d'Regierung zënter der Stellungnam vun der Europäescher Kommissioun vum 2. Juni 2026 bei der Bundesregierung ënnerholl? Huet sech duerch dës Stellungnam den Dialog mat Berlin verännert?
2. Huet d'Regierung vun den däitschen Autoritéiten en Engagement, och just informell, betreffend engem Datum fir d'Ophiewe vun de Kontrollen un der däitsch-lëtzebuergescher Grenz kritt? Hält den Här Minister u senger Aschätzung fest, datt dës Kontrollen am September 2026 kéinten en Enn

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

fannen — engem Zäitpunkt, op deem laut Schengener Grenzkodex keng weider Verlängerunge méi méiglech sinn?

3. Huet d'Regierung vir, d'Stellungnam vun der Kommissioun vum 2. Juni 2026 souwéi déi iwwereneestëmmend Rechtsspriechung vun den däitsche Verwaltungsgeriichter als zousätzlech Argumenter an hiren Austausch mat Berlin a mat der Kommissioun anzebréngen?

4. Wann een dës Rechtsspriechung an d'Stellungnam vun der Kommissioun bedenkt: iwwerdenkt d'Regierung hir konstant Positioun, all Recours virun der Cour de justice vun der Europäescher Unioun auszeschléissen? Wann net, wéi eng Handlungsméiglechkeete gesäit d'Regierung nach als zur Verfügung stoend, falls d'Kontrollen iwwer de September 2026 eraus verlängert géife ginn?

5. Wou steet d'Préiwung, duerch d'Europäesch Kommissioun, vun de Projete vu bilateralen Ofkommes iwwer Police- a Migratiounszesummenaarbecht, déi Lëtzebuerg als Alternativ zu de Kontrollen un de Bannegrenze virgeluecht huet?

6. Huet d'Akraafttriede vum Europäesche Pakt iwwer Migratioun an Asyl bis elo den erwaarten Effet gehat, d'Aféieren oder d'Bäibehale vu Kontrollen un de Bannegrenze méi schwéier ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés